N°2084
Entrée le 13.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.**

An der Press gouf bericht, datt den US-amerikaneschen Entreprise SpaceX en Accord mat der indescher Firma vum Milliardär Mukesh Ambani ënnerschriwwen huet, fir de Starlink-Service an Indien unzebidden. Dëst bedeit, datt d'Lëtzebuerger Firma SES, déi och an der Course war fir dëse Marché, elo de Kierzere gezunn huet.

Et schéngt, wéi wann d'Regierung an d'Lëtzebuerger Acteuren an dësem Dossier net genuch proaktiv waren, fir dës wichteg Opportunitéit ze notzen. Grad am Hibléck op déi rezent Entwécklungen an den Handelsrelatiounen tëscht der EU an den USA, wier et wichteg gewiescht fir Lëtzebuerg sech an dësem strategesche Secteur ze positionéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat huet Lëtzebuerg dës Chance verpasst fir sech iwwer SES um indesche Marché mat Starlink z'etabléieren?
2. Wat huet d'Regierung ënnerholl fir SES an hir Offer an Indien ze ënnerstëtzen?
3. Wéi eng konkret Mesurë gedenkt d'Regierung elo ze huelen, fir d'Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg am Beräich vun de Satellittekommunikatioun an anere Schlësselmarchéen an Zukunft ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten